Je suis à votre entière disposition pour répondre à toute question que vous auriez : [isabel.wiseler@ep.europa.eu](mailto:isabel.wiseler@ep.europa.eu) . Vous pouvez également suivre mon travail au fil des jours, je publie régulièrement sur ma page personnelle Facebook : <https://www.facebook.com/isabel.wiseler> et sur ma page officielle <https://www.facebook.com/isabel.wiseler.lima>

Mon profil sur le site internet du Parlement européen : [https://www.europarl.europa.eu/meps/fr/197421/ISABEL\\_WISELER-LIMA/home](https://www.europarl.europa.eu/meps/fr/197421/ISABEL_WISELER-LIMA/home)

Retrouvez-moi également sur X (@wiseler) et Instagram (isabelwiseler).

## 1. Renforcement Organisationnel

- CSI Congrès National (1er mars 2025) : Organisation réussie du congrès avec l'élection de 14 membres du conseil d'administration et d'un comité exécutif de 4 membres.
- Croissance des Membres : Le CSI a franchi le cap des 1 000 membres en juillet 2025.

## 2. Actions de Terrain et Impact

- Festival des Migrations (15-16 mars 2025) : Renforcement de l'image du CSV auprès des résidents internationaux et création de liens avec les sections internationales d'autres partis.
- Journée de l'Europe (9 mai 2025) : Promotion des valeurs de l'UE à Strassen via une foire internationale du livre.
- Engagement Local (12 juillet 2025) : Participation au petit-déjeuner international de CSV Esch pour connecter les experts et les communautés, notamment la communauté indienne.
- CSI summer cocktail (juillet 2025) - Renforcement de la cohésion interne du conseil d'administration. Présentation des initiatives à venir. Soutien au travail d'équipe et à l'engagement au sein du groupe.

## 3. 2025 : PILIERS STRATÉGIQUES

Le CSI articule son action autour de piliers fondamentaux pour favoriser le dialogue direct entre les résidents et les décideurs:

1. Visites Institutionnelles ("CSI Leading") :
  - Cour de Justice de l'UE (septembre 2025).
  - Chambre des Députés (décembre 2025).
2. Participation au groupe de travail CSV
  - Energie
  - Education
  - Finance

## 4. 2025 : Une Dynamique Digitale et Humaine

L'année 2025 a posé des bases solides grâce à l'élection du nouveau comité en mars. Deux points majeurs ont marqué cette période :

- Visibilité accrue sur les Réseaux Sociaux : Les nouveaux membres du comité ont été extrêmement actifs sur Facebook et Instagram. Cette stratégie digitale a permis de moderniser l'image du CSI et de toucher directement les résidents internationaux là où ils s'informent.
- Gestion active des Adhésions : Le comité a traité nouvelles demandes d'adhésion. Cet

engagement direct a permis d'atteindre le cap symbolique des 1 000 membres dès juillet 2025.

## 5. Calendrier Détaillé des Activités 2026

Trimestre 1 : Visibilité et Engagement Communautaire (Jan – Mar)

- Lancement de la Newsletter Digitale : Première édition envoyée à la base de données croissante des membres.
- Congrès National du CSV (Mars 2026) : Événement phare avec la participation attendue du Premier Ministre Luc Frieden.
- Festival de migration (Mars 2026)
- Campagne "Faces of CSI" : Portraits de membres sur les réseaux sociaux pour maintenir la dynamique de 2026.

Trimestre 2 : Dialogue Politique et Conférences (Avr – Juin)

- Visite Institutionnelle (Mai 2026) : Voyage pédagogique au Parlement européen à Strasbourg ou autre institution.
- Participation en CSV Formation et Workshop.

Trimestre 3 : Rayonnement et Intégration Culturelle (Juil – Sept)

- After-work Networking Interculturel : Un

événement informel mêlant dialogue politique et réseau social.

- Collaborations Associatives : Événements conjoints avec les communautés portugaise, italienne, capverdienne et espagnole.

Trimestre 4 : Mise en OEuvre et Évaluation (Oct – Déc)

- Événement de Networking de fin d'année : Rassemblement des membres, des partenaires de CSI.
- Évaluation Stratégique : Analyse des activités de l'année et de l'impact sur les réseaux sociaux.
- Feuille de route 2027 : Finalisation du plan d'action pour l'année suivante.

Den traditionelle Kongress vun den CSV-Senioren huet d'lescht Joer de 17. Mäerz 2025 am Centre polyvalent "A Schommesch" stattfonnt. De President Fernand Boden konnt ronn 50 Gäscht begréissen.

Am Kader vun dëser Versammlung ass d'Parteigeneralsekretärin an Deputéiert Françoise Kemp an hirer Usprooch ënner anerem op déi aktuell politesch Situatioun an d'Aarbecht vun der CSV-Fraktioun an der Chamber agaang.

### **Zesummesetzung vum Komitee**

Nodeems d'lescht Joer um Kongress nei gewielt gouf, huet sech de Komitee vun den CSV-Senioren fir d'Joer 2025 folgendermoossen zesummegeesat:

- President: Fernand Boden
- Vize-Präsidenten: Theo Karier, André Theisen, Léon Wietor
- Sekretärinnen: Suzette Dostert-Wagener, Liliane Failla-Bechdolt
- Keessjee: Guy Modert
- Memberen: Charles Bingen, Hubert Braquet, Johny Gaspard, Bernadette Grosch, Albert Heinen, Roger Lutgen, Guy Modert, Louis Oberhag, Romain Plümer, Jean

Spautz, Raymond Weydert, Gaby Weyrich, Pierre Wies, Léon Wietor

- Kooptéiert Memberen: Marianne Brosius an Astrid Mosel

### **Vertrieder am Nationalrot**

- Suzette Dostert, Liliane Failla, Guy Modert, Raymond Weydert a Pierre Wies.
- D'office am Nationalrot sinn de President vun de Senioren, de Fernand Boden, an d'Vertrieder aus de Bezierkskomiteeën.

### **Vertrieder an de Bezierkskomiteeën**

- Osten: Charles Bingen, Louis Oberhag
- Norden: Theo Karier, Romain Plümer
- Süden: Albert Heinen, André Theisen
- Zentrum: Astrid Lulling, Roger Lutgen

### **Vertrieder an der Europäescher Seniorennioun (ESU)**

- Am Exekutiv-Komitee: Fernand Boden a Suzette Dostert-Wagener
- Delegéiert: Guy Modert a Louis Oberhag

D'CSV-Senioren sinn och duerch hire President Fernand Boden am CSV-Nationalkomitee vertraueden.

### ***Aktivitéiten a Reuniounen***

Duerch eis Verrieder am Nationalkomitee, am Nationalrot, an de Bezierker souwéi an der ESU ware mir d'ganz Joer iwwer aktiv an de verschiddene Gremien vun der Partei agebonnen. Dat huet eis erméiglecht, d'Entwécklung bannent der Partei ze suivéieren an ëmmer gutt informéiert ze sinn.

Am Joer 2025 ass de Komitee 7 Mol zesummekomm, fir zentral politesch Dossierer ze beroden. Op der Agenda stoungen ënner anerem d'Renten- an d'Steierreform, d'Sonndesaarbecht, d'Logementssituatioun, d'Gesondheets- an d'Familljepolitik, Froen zur Sécherheet, de soziale Beräich souwéi d'Landwirtschaft an d'Ernärung. Och déi international Lag gouf thematiséiert, besonnesch d'Erausfuorderungen duerch de Krich an der Ukraine an d'Onsécherheete ronderëm déi transatlantesch Bezéiungen, an engem Kontext, an deem Fridden a Stabilitéit an Europa ëmmer méi ënner Drock geroden.

Op de verschiddene Versammlung vum Nationalrot waren d'CSV-Seniore reegelméisseg gutt vertraueden, genee esou wéi um Nationalkongress vum 22. Mäerz.

Zousätzlech hu mir och international Präsenz gewisen: vum 12. bis de 14. September hu mir mat dräi Verrieder um Kongress vun der ESU, der europäescher Seniorenunioun, zu Bruges deelgeholl.

En anert Highlight war den ausseruerdentlechen ESU-Kongress vum 4. bis de 7. November zu Ciudad Real a Spuenien.

Dëse Kongress stoung ganz am Zeeche vun der Zukunft an awer och vun der Geschicht vun der ESU. Nieft der Presentatioun vun der neier Strategie „Horizon 2030“, déi als Visioun huet, datt eeler Persounen als vollwärtig Memberen vun der Gesellschaft unerkannt ginn, mam Ziel fir och am Alter mat Freed, Dignitéit a Sécherheet liewen ze kënnen, gouf nämlech, och an engem feierleche Festakt, den 30. Anniversaire vun der Organisatioun gefeiert.

### ***FERNAND BODEN***

Président

### ***SUZETTE DOSTERT-WAGENER***

Secrétaire

# CHRËSCHTLECH-SOZIAL GEMENGERÉIT

De Comité vun der CSG ass am Joer 2025 véier Mol fir eng Reunioun zesummekomm, hei goufen éischt Pisten erstallt, fir de Rahmewalprogramm fir d'Gemengewalen 2029 opzestellen. Zweek Rendez-vous sinn fir d'Joer 2025 ervirzehiewen:

Den 12. Juni huet den Alex Donnersbach dem Comité en Abléck an d'Ajustementer vum neie Logement-abordable-Gesetz ginn. Dëst Gesetz huet e groussen Impakt dorop, wéi d'Gemengen an Zukunft hire soziale Wunnraum geréiere sollen.

Den 11. November huet den CSG-Comité op Stroossen an de „Centre Barblé“ op en Informatiouns-Owend mam Inneminister Léon Gloden invitéiert, op deem den Här Minister

iwwert den neie Statut vum Élu local informéiert huet. Hei gi wichteg Ännerunge virgeholl, déi de Statut vum Gemengepolitiker opwäerten a seng Activité politique méi attraktiv maachen.

Den CSG-Comité setzt sech follgendermoossen zesummen:

Mélanie Grün (Presidentin); Claude Gleis, Mike Graas, Mich Weber (Vize-Presidenten); Jean Boden (Sekretär); Guy Breden, Simone de Bourcy-Hédo, Cyril de Waha, Déborah della Penna, Emile Eicher, Joëlle Fagny-Kraus, Philippe Gengler, Guy Kohlen, Nico Pundel, Marc Rauchs, Marco Schmit, Olafur Sigurdsson, Tommy Urbing, Raoul Weicker, Georges Zeimet.



# CHRËSCHTLECH-SOZIAL FRAEN

## *No eisem Workshop am Oktober 2024*

«Wou komme mer hier als CSF a wou gi mir hin» si mir zu engem kloer Fazit komm:

D'CSF ass och haut nach eng wichteg an on-verzichtbar Plattform fir Fraen an der Politik. Mir verstinn eis als Sproochrouer no bannen an no baussen, fir d'Roll vun de Fraen an hir Interessen an der Gesellschaft an an der Politik siichtbar ze maachen an ze stäerken. Aus dem Workshop eraus hu mir eis kloer Ziler gesat:

- méi Visibilitéit,
- eng méi staark Positioun an och reaktiv Präsenz,
- besser Kommunikatioun bannent der CSV,
- eis Besoinen a Fuerderunge kloer formulieren an
- d'CSF méi attraktiv fir jonk Frae maachen (z.B. duerch Kannerbetreierung a passend Formatiounen).

## *Comitéssätzungen*

2025 hate mir véier regulär Sätzungen (25.02., 07.04., 24.06., 07.10.) souwéi zwou Virbereedungssätzungen fir d'Konferenz iwwert d'Menopause (18.07., 22.09.). Fir méi effizient ze schaffen, hu mir eis a véier Aarbechtsgruppen opgedeelt:

- Kommunikatioun
- Event,
- Konferenz an
- Exekutive.

Zousätzlech goufen intern WhatsApp-Gruppen agefouert.

Den 22. Oktober hate mir als Exekutive eng Entrevue mam Basile Dell, fir zukünfteg Entwécklungen an eis Visioun vun der CSF bannent der CSV ze diskutieren. De 7. November gouf d'Orange Week mam Event-Grupp virbereet.

## *Aktivitéiten 2025 (chronologesch)*

- 9. Januar: Präsenz op verschiddene Neijerschpätt.
- 16. Mäerz: Nationalkongress zu Dummeldeng – d'Nathalie Morgenthaler gouf nei Presidentin; Merci un d'Marthe Scharfe fir hiert Engagement.
- 21. Mäerz: Participatioun um CSV-Nationalkongress.
- 5. Mee: Iwwerhuele vun der Presidentschaft vum Conseil National des Femmes du Luxembourg duerch d'Nathalie Morgenthaler.
- 7. Juni: Nei Lancéierung vun eiser Facebook-Säit „CSF – Fraen an der CSV“.

- 9.Juni: Kloer Stellungnam an der Affaire Gerson – „Gewalt ass KEEN Kavaléiersdelikt“.
- 10.Juli: Cocktailbar um CSVSummerfest – grouse Succès.
- 25.September: Präsenz beim 50. Gebuertsdag vum CNFL, a Präsenz vun der fréierer Groussherzogin Maria Teresa.
- 11.Oktober: Reaktioun op fraefeindlech Aussoen – „Gläichberechtegung ass keng Ideologie, mee e Mënscherecht“.
- 18.Oktober: Besuch vum Europäesche Gerichtshaff.
- 13.November: Grouss Konferenz iwwert d'Menopause – e grouse Succès; eng weider Konferenz iwwert gendersensibel Gesondheet ass geplangt.
- 21.–22. November: Lancement a Participatioun un der Orange Week a Marche Orange géint Gewalt u Fraen a Meedercher, mat staarker CSF- Visibilitéit.

Dëst Joer huet gewisen: Mir si präsent, engagéiert a bereet Verantwortung ze iwwerhuelen – fir méi Gläichberechtegung an eng staark Stëmm fir Fraen an der Politik.

# CHRÛSCHTLECH-SOZIAL JUGEND

Mir haten an deem zereckleiden Joer 8 Comit esversammlungen, wou mer och 3 mol d'M iglechkeet haten ee Minister anzuuede fir iwwert Sujeten ze schw tzen di an hirem Kompetenzber ich lounen. Dat waren de Premierminister Luc Frieden, d'Justizministesch Elisabeth Margue an d'Gesondheetsministesch Martine Deprez. . Ausserdeem hunn mer eis an engem mei klenge Krees och eng K ier mam Budgetsrapporter Maurice Bauer getraff, deen eis seng Priorit ite vum Budget erkl ert huet.

Wat eis Aktivit iten d'l scht Joer ugeet, do haten mer am M erz eng Visite vun der Chamber mat eisen 3 jonken Mandatairen, dem Alex, dem Fr nzi an dem Ricardo

organis iert. Dunn haten mir am Ufank vum Summer och een Afterwork fir eis Memberen organis iert, wou de Luc och laanschkomm ass. No der Rentr e haten mir dunn eng Visite vum Europaparlament zu Br ssel organis iert, wou mer eis Mandatairin Martine Kemp besuche waren, a wou mer och d'Geleeenheet genotzt hunn fir bei der Konrad Adenauer Stiftung laanschtzegen. Zum Ofschluss vum Joer gouf dann och nach een Afterwork um Chr schtmaart organis iert.

Mir hunn awer net n mmen Social Events organis iert, mee mir hunn och geschafft. Et goufen d st Joer 2 nei Aarbechtsgruppe gegr nt. Een mol zum Thema Mobilit it, dee





vum Ben Felgen gereiert gött. An dann nach een iwwert een Sujet deen eis als CSJ extrem wichteg ass, nämlech iwwert déi Mental Gesondheet. Dësen Grupp gött vun eiser Vizepresidentin, dem Sarah, geleet. Et gouf och nach weider am besteeënden Aarbechtsgrupp Logement beim Eric a Bob geschafft, wou och 3 Resolutiounen erauskomm sinn.

Mir hunn dann och nach e puer Communiquées zu verschidde Sujeten aus der Aktualitéit publizéiert. Dat waren ënnert anerem d'Pensiounsreform, d'Ofdreiwung an der Verfassung, d'Gewerkschaftsfront an virun ganz kuerzem iwwert di ganz transparent Leit di sech Piraten nennen.

Den CSV Norden Bezirkscomité huet sech den 22. Abrëll 2025 zu Dol getraff, fir iwwer d'Problematik ronderëm d'A7 ze schwätzen. D'Nordstrooss ass eng wichteg Liewensader fir eise Norden. Si soll d'Verbindung tëscht dem Zentrum an dem Norden verbessern, de Verkéier entlaaschten an d'Sécherheet erhéijen. Gläichzäiteg bréngt esou e Projet Erausfuorderungen mat sech: Ëmweltfroen, Belaaschtung fir d'Awunner an d'Fro, wéi mir eng nohalteg Mobilitéit fir d'Zukunft garantéieren kennen. Et war eng konstruktiv Diskussioun, wou mir eis Positiounen kloer formuléiert hunn.

Den 3. November 2025 huet sech den Bezirk zu Munzen (Klierf) getraff. D'Nationalexekutiv huet erklärt, datt si duerch d'Sektiounen vum Norden geet, fir op d'Besoinen an d'Uleies vun all Sektioun anzegoen. Dat war e wichteg Zeeche vu Präsenz a Respekt vis-à-vis vun der Basis. Donieft gouf eng nei allgemeng Organisatioun vun de Sektiounen a vum Bezirk op de Wee bruecht, fir eis Strukturen nach méi staark an effikass ze maachen.

En öffentlechen Event mat eiser Gesondheetsministesch Martine Deprez ass geplangt ginn. Bei dëser Reunioun war och de Basile dobäi, deen eis nogelauschert huet an eis iwwer

d'Fortschrëtt an der Digitaliséierung vun der Partei informéiert huet. Dat hëlleft eis, administrativ Prozesser ze vereinfachen an d'Aarbecht an de Sektiounen ze erliichteren.

De 24. November 2025 war en Entretien mam Inneminister Léon Gloden wou den Bezirk all CSV-Mandatairen aus dem Norden invitéiert haten. Et war eng interessant a konstruktiv Reunioun. Dës Theme stoungen am Mëttelpunkt:

- Gemengefinanzen
- Statut vum gewielte Gemengevertrieder
- Administrativ Vereinfachung
- Sécherheet am öffentliche Raum
- Resilienz vun de Gemengen an zivil Sécherheet

Den 12. Januar 2026 huet sech den Bezirk getraff, fir eise Kongress vun haut ze organiséieren an aktuell politesch Themen ze diskutéieren. Duerno huet CSV Norden sech der CSV Nordstad ugeschloss, déi de Neijooschpatt zu Schieren organiséiert huet. E flotte Moment vum Austausch a vum Zesummesinn.

Zum Ofschluss huet den 2. Februar en öffentlechen Event zu Ettelbréck statt fonnt, wou eis Gesondheetsministesch Martine Deprez dobäi war. Si huet iwwer d'Pensiounsreform



an d'Gesondheitspolitik geschwat. Et war e groussen Erfolg: vill Leit sinn komm, et gouf interessant Froen an en oppene, respektvollen Dialog.

Nieft den Aarbechtssätzungen war d'CSV Norden och bei de grouse Parteievenementer staark präsent.

Den 3. Mäerz 2025 war den Kongress zu Wëntger an et war „Full House“. Dat war e kloert Zeechen : datt d'Motivatioun an d'Ënnerstëtzung am Norden grouss sinn.

Den 22. Mäerz 2025 war den Nationalkongress zu Ettelbréck, wou d'CSV e staarken Akzent op Erneuerung gesat huet. Et war e Zeechen, datt mir eis weiderentwéckelen an eis Partei modern an zukunftsorientéiert opstellen.

Och um Summerfest vun der CSV zu Hesper den 10. Juli 2025 war d'CSV Norden gutt vertraueden.

Den 9. Januar 2025 an den 8. Januar 2026 huet den Bezierk um Nationale Neijoersch-

patt zu Rued-Syr deelgeholl. Et war e wichtige Moment fir d'ganz Partei e Start an dat neit Joer am Zeeche vum Zesummenhalt, vum Austausch an enger gemeinsamer politescher Ausriichtung. Esou Momenter stäerken net nëmmen eis intern Eenheet, mee ginn och kloer no baussen een Zeechen, datt d'CSV als national Partei geschloss an entschloss an d'Zukunft geet.

Nieft all dësen offiziellen Terminer war CSV Norden och um Terrain präsent : um Hauseschmaart zu Munzen, um Chrëschtmaart zu Woltz, beim Pickleball-Tournoi vum Télévie an och op der Foire Agricole zu Ettelbréck. Do weist sech, wat eis ausmécht: Nolauschteren, Gespréicher féieren an no bei de Leit sinn : bei de Familljen, bei eise Veräiner, bei eise Baueren an allen Acteuren aus eiser Regioun.

Mir gesinn och an engem usprochsvollen Joer ware mir aktiv, präsent a motivéiert. D'CSV steet fir Verantwortung, fir Wäerter a fir Zukunft. Loosst eis dee Wee zesumme weidergoen mat Courage, mat Zesummenhalt a mat Vertrauen an eis Stärkt.

De leschte Kongress wor den 11.3 zu Fluessweiler

Eis Comitésitzungen probeiere mir offwieselnd an al Kanton Comitéen ze organisieren:

- 02. Abrëll zu Iechternach
- 13. Mai zu Schweibsen
- 16. Juni zu Jonglënster
- 18. November zu Wecker

Mir hatten och Executifréunionen den:

- 31. März
- 13. Mee
- 8. Oktober
- 19. Januar

Mir hunn am laaf vum Joer Kantonsresponsabel ernannt, den Oli, Philippe a Sascha déi an zesammenarbecht mam President a Sekretär de Kontakt vun de Sektione soll verbesseren. Dëst ass zemols wichteg dass mir als Bezierk doduerch e mei enken Drot zu de Sektioneen hunn an se méi schnell bei Problemer oder Enkpäss kennen ze ennerstetzen. Op Bleck an den nächsten Joren wou Walen ustinn dass mir do an all de Sektioneen mei präsent sinn.

## **Organisationen:**

- Den 22&23 Maerz hu mir während 24h eng Equipe fir de Relais pour la vie um Start gehat déi fir de Max gelaaf a ganging sinn, dëst ass och fir dess Joer den 21&22.3esou geplangt an Merci all deenen déi do matmaachen, besonnech déi an der Nuet um Terrain sinn.
- Summerfest hu mir den 18 Juli bei de Baggerweieren zu Remerchen organiséiert. Et war e flotten Owend mat gudder Stimmung a ville Memberen. Dem Tom Weber vu Schengen Merci fir seng Ennerstetzung
- De 22. Oktober hu mir eng Konferenz zu Mondorf organiséiert mam Thema am Dialog mam Inneminister Léon Gloden. Dëss war och gutt besicht an der Sektione Mondorf-Duelem Merci fir hir Hellef.
- Den 29. Januar hu mir zu Konsdorf eng Neijoerschreptioun organiséiert, och hei wore vill Memberen komm. Merci der Sektione Mellerdal fir hir Hellef.
- E Workshop wor den 7 Februar iwuer Mobilitéit am Osten geplangt, desen gouf wéinst dem Begrieffnis vum Lucien Weiler op den 7 März verluet.

No den zwee Waljoer 2023 mat de Gemen- a Chamberwalen an 2024 mat den Euro- pawalen war 2025 ee besse méi rouegt Joer. Mee trotzdem sinn déi politesch Aktualitéit an d'Aktivitéiten an de Sektioonen an am Bezierk net zum stëllstand komm. Den 27. Februar 2025 gouf am Escher Jongelycée mat engem volle Sall de Bezierkskongress vun CSV, CSF an CSJ ofgehalen.

Den 12. Mee 2025 gouf zu Schëffleng am Boulodrôme e Comité élargie gehalen. Fir d'éischt huet do den demolege Sportsminister Georges Mischo eng Présentatioun iwwert de Sportskoordinator an de Gemenge gehalen an stoung duerno Ried an Äntwert. Duerno gouf mam Michel Wolter iwwert de schwierigen Dossier TICE diskutéiert; dëst ware wéi ze erwarde war lang Diskussiounen gewiecht, mee onerlässlech fir dat sech d'Persounen am Sall e vollständegen Iwwerbléck vum Dossier haten. Ofgeschloss gouf den Owend mat enger Partie Bullen.

Eng zweete Kéier huet sech de Comité élargie den 23. Oktober zu Elmen getraff, fir do a Présence vum CSV-Norddeputéieren Jeff Bonen eng interessant Présentatioun iwwer d'Agri- photovoltaik gehalen ze kréien. Leider huet déi geplangte Visite guidée den Dag wéinst

dem schlechte Wieder a villem Reen missen ofgesot ginn.

Den 3. Dezember huet sech zu Fréiseng de Comité élargie dunn nach eng drëtte Kéier getraff. Dës Kéier huet de Finanzminister Gilles Roth mat de Leit am Sall iwwer d'Steierreform geschwat an duerno huet de Basil Dell aus dem Generalsekretariat eng Présentatioun vum Coordinateur général vun der CSV gehalen.

Enn 2024 gouf en Arbechtsgrupp iwwer d'Digitalisatioun vun den Informatiounen tëscht den einzelnen Niveauen an der Partei ze vereinfachen. Dësse Grupp bestehend aus véier Persounen aus dem Bezierkscomité hunn sech insgesamt zwee mol getraff an hunn éischt Fortschrëtter erzieht.

D'Exekutiv vun der CSV-Süden huet sech iwwer d'Joer ëfters via Videokonferenz getraff, fir kommend Evenementer, Comitéssitzungen asw. ze preparéieren.

Och waren d'Membere vun Exekutiv an dem Bezierkscomité och nees op de Neijoerspätt, Generalversammlungen, Evenementer, Info-Owender, asw. vun de Sektioonen am ganze Süden vertraueden.

Um lëschte Kongress de 13. Mäerz 2025 hu mir een neie Bezierkspräsidant gewielt, a sinn da mam Luc Zwank an dat nächst Aktivitéitsjoer gestart.

Den 21. Mee hate mir eis 1schte Sëtzung, an der de Claude Wiseler eis seng Siicht vum État de la Nation an de Reaktiounen dorop virgestallt huet.

De Laurent Mosar, sengersäits huet eis, an der selwechter Sëtzung een Abléck an déi wirtschaftlech Situatioun vun eisem Land ginn.

Mir hunn ausserdeem, wéi mir dat an all Sëtzung maachen, ee Kalenner matt deene wichtegen zukünftegen Eventer an eisem Bezierk, opgestallt.

An der leschter Sëtzung virun der Summer-vakanz, déi mir och, wéi dat schon Traditioun ass, matt engem Iesse verbonnen hunn, huet t'Diane Aehm eis iwwert t'politesch Aktualitéit an déi geplangte Steuerreform informéiert, a mir hunn ee Rëckbléck op den Diskussioun-sowend mam Premierminister gemaach.

Natierlech hu mir, wéi bal an all Sëtzung, gefrot, wat ëtt Neies aus de Sektione gëtt, a mir hunn geplangt, wéi mir um CSVStand op der Braderie kënnen eng Hand matt upaken.

An enger Sëtzung vum 29. Oktober huet de Maurice Bauer eis e laangen an detailléierten Abléck an de Budget vum Joer 2026 ginn.

De Basil Dell huet sech a seng Aarbecht als Coordinateur Général virgestallt.

Mir hunn och ugefaangen de Kongress vum haitegen Dag fir ze bereeden, eng Konferenz, gemeinsam matt der Sektione Stat un zedenken a wieder Projete fir Zukunft un ze denken.

Leider sinn des Pläng awer ee beschten doduerch gebremst ginn, datt eise Präsidant Luc gesondheetleche Grënn seng Energie musst bremsen.

Dank dem engagéierten Asaz vun eiser Vizepresidentin Martien Gruber, dat elo dann nees eng Kéier de Rôle vun der Präsidentin ff ageholl huet, konnte mir dëse flotte Kongress awer ouni Problemer op t'Bee stellen.

Impressum: CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI  
4, rue de l'eau, L-1449 Luxembourg — Boîte postale 826, L-2018 Luxembourg  
Tél. 22 57 31 1 - FAX 47 27 16 — Email [csv@csv.lu](mailto:csv@csv.lu) - [csv.lu](http://csv.lu)

